M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Ech géif och mengen, dass et éischter op anere Plazen ass wéi beim éischten, primäre Produzent. Och do ass et wichteg, dass een eng Integratioun vun der ganzer Kette mécht, vum éischten, primäre Produzent bis an de Verkaf. Do sinn déi Labelen dee richtege Wee gewiescht. Et gëtt e Cahier des charges gemaach, dee vum Bauer ausgeet bis bei de Metzler. Dat ass dee richtege Wee, grad esou wéi déi regional Qualitéitsprodukter, déi a gewëssene Géigende vum Land gemaach ginn, wou de Bauer mat agebonnen ass bis zu deem, deen dat Produkt verkeeft. Dee richtege Wee ass, dass jidderee besuergt ass, streng Qualitéitskritären anzehalen, esou dass dat, wat herno erauskënnt, e streng kontrolléiert Qualitéitsprodukt ass. Ech mengen, da wär d'Lëtzebuerger Produktioun net schlecht gestallt an d'Konsumente géife ganz sécher weiderhi Vertrauen an déi Produktioun hunn.

Wat d'Produzente selwer ubelaangt, déi e groussen Abroch kritt hunn, esou huet den Agrarconseil décidéiert, bei de Primen, déi se kréien, d'Avancë vu 60 op 80 % eropzesetzen, fir dass se méiglechst schnell e bësse méi Geld an enger schwiereger Situatioun zur Verfügung gestallt kréien. Dee Programm „Achat pour la destruction" ass drop ausgeriicht, dass eeler Béischten, déi net méi ze verkafe sinn, kënnen zu engem acceptable Präis opkaf ginn, fir dann aus der Nahrungsketten erausgeholl ze ginn.

D'Kommissioun huet den Optrag kritt - dat ass och an der Konklusioun vum Conseil zréckbehale ginn -, e Bilan ze maachen iwwert d'Ausmooss vun der Kris, d'Ausmooss vum Abroch vun de Revenue vun de Produzenten an de Schluechthaiser, dass ee kuckt, au vu vun deene Resultater, ob een net sollt versichen, fir eventuell weider Moossnamen ze ergräifen, fir dass och déi Leit, déi net vill Schold un der Kris hunn, net zevill staark dorënner brauchen ze leiden.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Minister Erna Hennicot-Schoepges.

4. Dépôt d'un projet de loi

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, ech sinn duerch Arrêté vum 30. November 2000 autoriséiert, de

- projet de loi 4736 relatif à la deuxième phase d'agrandissement du Lycée du Nord à Wiltz

ze déposéieren.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun deem Projet de loi duerch d'Mme Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges. Dee Projet gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

5. Heure d'actualité au sujet de l'évolution du dossier ESB après le Conseil des Ministres de l'Agriculture de l'Union européenne *(Suite)*

Mir kommen zréck zur BSE-Problematik. D'Chamber ass a Presenz vun enger Motioun an enger Resolutioun, déi agereecht gi sinn duerch den Här Camille Gira. Mir maachen e Vote par main levée.

Vote

Wie fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Wien ass dergéint?

D'Motioun 1 ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen zur Resolutioun. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, ech wëll soen, dass déi Resolutioun eis net onsympathesch ass, mä ech wëll drop hiweisen, dass dat aalt Agrargesetz d'lescht Joer ausgelaf ass op den 31. Dezember, dass mer elo geschwënn erëm den 31. Dezember hunn, dass keng Investitiounen an der Landwirtschaft - oder nëmme wéineg - méi gemaach ginn, dass déi Leit, déi investéieren, onendlech laang mussen drop waarden, bis dass se de Versement vun hirer Aide à l'investissement kréien.

Wa mer déi Prozedur hei ufänken, dann, fäerten ech, geet eis nach erëm Zäit verluer. Ech wär derfir, Här Minister, a géif Iech vun hei aus invitéieren, esou séier wéi méiglech dat Gesetz virzeleeën, fir dass mer et kéinte stëmmen. Wa mer déi normal Prozedur anhalen, dann dauert et nach laang genuch. Onofhängeg dovu kënne mer ëmmer nach en Hearing maachen iwwert dat, wat hei ugesprach ass, an dann eventuell an engem zweete Jet déi Ännerungen abréngen, déi eis virschwiewen. Mä wa mer déi Prozedur hei aschloen, Här Gira, et deet mer leed, ech fäerte ganz, dann dauert et onendlech laang, ier mer dat neit Agrargesetz kréien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, ech si mir där do Problematik scho bewosst, mä et däerf ee sech och näischt virmaachen. Dat Gesetz ass emol nach net déposéiert, a souguer wann de Statsrot an d'Chambres professionnelles relativ séier virumaachen, misst et awer méiglech sinn, wa mir eis och hei fläissen, dass mir parallell zum Dépôt an dem Ofwaarde vun den Avien eisen Hearing géife maachen a während der Diskussioun an der Agrarkommissioun géife probéieren, déi Konklusiounen, déi eventuell do erauskommen, afléissen ze loossen.

Wann dat Iech kéint berouegen, kéint ee beim zweeten Tiret bäisetzen „d'intégrer si possible". Ech si